



Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6295 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Raymond Weydert, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6354, eng Ëmsetzung vun engem Reglement iwwer Autosemissionen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger an Negri. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

11. 6354 - Projet de loi portant exécution du règlement (UE) n°510/2011 du Parlement européen et du Conseil du 11 mai 2011 établissant des normes de performance en matière d'émissions pour les véhicules utilitaires légers neufs dans le cadre de l'approche intégrée de l'Union visant à réduire les émissions de CO₂ des véhicules légers

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6354 ass de 24. Oktober vum delegierten Nohaltegkeetsminister déposéiert ginn. De 17. Januar 2012 huet de Statsrot säin Avis derzou ofginn. D'Chambre des Métiers, d'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce hunn allen dräi Avisé gemaach, an dat den 20. Oktober 2011, den 22. November 2011 an de 14. Dezember.

Den 1. Dezember 2011 huet d'Kommissioun mech zum Rapporteur ernannt. An der Réunion vum 8. Februar hunn d'Membere vun der Chamberskommissioun den Text an och den Avis vum Statsrot analyséiert an en Amendement parlementaire ugeholl. Den Avis complémentaire vum Statsrot ass vum 6. Mäerz, a mai Rapport konnt de 14. Mäerz ugeholl ginn.

D'Zil vum Projet de loi ass et, den EU-Reglement 510 vun 2011 an nationaalt Recht ëmzesetzen an ze applizéieren, mat dem Objektiv, fir d'CO₂-Emissionen ze reduzéieren. Hei ginn Norme festgeluecht am Beräich vun den Ausstéiss vu lichte Véhicules utilitaires.

Déi Gefierer, déi viséiert sinn, maachen ongeféier 12% vum gesamte Fuhrpark aus. Et handelt sech, fir genau ze sinn, ëm Gefierer, déi geduecht sinn, fir Wueren ze transportéieren an déi tëschent 2.610 kg an 3.500 t maximal weie kënnen. Dës Gefierer si fir ronn 1,5% vun den CO₂-Ausstéiss an der EU responsabel.

Concernéiert si just, wéi gesot, nei Ween, déi eng éischte Kéier an der EU ugemellt ginn an déi virdrun net ausserhalb vun der EU immatrikuléiert waren, ausser fir eng ganz limitéiert Zäit.

Dëst Gesetz muss een am Kader vun de Gesamteffortë vun der EU gesinn. D'Zil ass et jo, fir d'CO₂-Ausstéiss ze reduzéieren an dës 120 g CO₂ pro Kilometer ze erreechen. Heiduerch sollen elo also weider zéng Gramm erfogefuer ginn.

Dëse Projet gesäit dräi Dispositione vir: Éischstens, den zoustännge Minister muss d'Mise en œuvre vun der Obligatioun vum Reglement - dat, wat et mat sech bréngt - koordinéieren. Da mussen déi noutwendeg Donnéeën vun deene Gefierer gesammelt ginn an duerno un d'EU-Kommissioun weidergeleet ginn. Den Text gesäit vir, datt d'SNCT, also d'Société Nationale de Contrôle Technique, d'Donnéeën vun de Gefierer muss sammelen, an d'Ëmweltverwaltung gëtt se dann un d'EU-Kommissioun weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zum Contenu vum Text. Erlaabt mer, nach kuerz e puer Wieder zu den Avisen an der Aarbecht an eiser Kommissioun ze soen. Ech wëll soen, datt déi dräi Berufschamberen allegueren e positiven Avis zu dësem Gesetzestext eragereecht hunn, souwéi och zweemol de Statsrot.

D'Chamberskommissioun huet op Propos vum Minister en Amendement ugeholl, dat, fir dem neien Numm vun eiser Société Nationale de Contrôle Technique Rechnung ze droen. Op Acte notarié vum 13. Januar 2012 hin ass nämlech d'Dénomination „Société Nationale de Circulation Automobile“ festgehalen ginn, Ofkierzung also: SNCA.

Kolleginnen a Kollegen, dat ass et schonn esou wäit also. Dësen Text, deen ass an der Linn vun den Efforten, fir d'CO₂-Emissionen ze reduzéieren. Dofir bieten ech lech allegueren ëm eng grouss Zoustëmmung zu dësem Gesetzestext a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci der Madame Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech wëlt der Rapportrice och Merci soe fir hire Rapport. Vläch eng, zwou Remarquen, wann Der erlaabt.

Ech mengen, dat hei ass en Element vun der europäescher Strategie am Beräich Klimaschutz. Mir kënnen dat also voll ënnerstëtzen. No den Autoen, wou et schonn esou Norme gëtt, kommen dann och elo d'Camionnetten derbäi. Et ass virdru gesot ginn: A ganz Europa sinn dat 1,5% vum ganze Fuhrpark. Ech hunn elo net genau d'Chiffere vun deem, wat dat hei zu Lëtzebuerg bedeit. Vläch kann den Nohaltegkeetsminister eis do Prezisiounen ginn, da kéint ee sech och eventuell e Bild maachen, wéi vill Prozent dat vun eisen CO₂-Emissionen ausmécht.

Op alle Fall ass dat do déi richteg Richtung, wou ee muss goen: net datt ee Primä gëtt, fir d'Leit ze encouragéieren, méi CO₂-reduzéierend Gefierer ze fueren, mä datt ee wierklech seet, dat do ass elo mëttlerweil d'Norm, déi muss agehalen ginn. Dohinner muss ee kommen.

An ech géif mer wënschen, datt dat och herno eng Strategie wier fir d'Lëtzebuurger Regierung, datt se souwuel bei den Autoe wéi och bei de Camionnetten net op déi Iddi kënnt, fir dat anzéie respektiv bei den Autoe vun där Logik erofkënn an ophält, Primen ze verdeelen, fir ze soen, dat ass elo d'Norm, do muss mer hikommen.

Dat gesot, géife mer awer den Accord natierlech dann zu deem Reglement hei ginn.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Berger. Da kritt d'Wuert den Här Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech der Rapportrice Marie-Josée Frank Merci soe fir hir exzellente Rapporten. Dëst Gesetz ass e weidere Schrëtt fir eng méi propper Loft a manner Ofgasen am Sënn, fir eis Kyoto-Ziler hëllefen ze erreechen. Dëst gëllt bei dësem Projet elo net nëmme fir den normale Bierger mat sengem Privatauto, mä gëllt och virun allem hei fir d'Entreprise mat hire villen Dénagschtween a besonnesch d'Camionnetten, ëm déi et an dësem Projet de loi virun allem geet a bei deenen den CO₂-Ausstouss am Duerchschnëtt vill méi héich ass wéi bei engem privaten Auto.

D'Zuele weisen, dass de gesamte Parc automobile fir 12% vun eise CO₂-Bilan zoustänneg ass. An Europa sinn eleng d'Camionnettë fir 1,5% vun den CO₂-Ausstéiss responsabel. Wat d'Unzuel vun de Camionnetten hei am Land ugeet, esou huet sech d'Unzuel vun den Immatriculatione säit den 90er Jore bal verdriifacht. 1990 sinn op de Lëtzebuurger Stroossen 1.293 Camionnettë registréiert ginn. 2010 waren et der 3.100. An am Kampf géint d'Treibhausgase sinn dës Zuelen net ze négligéieren a weisen drop hin, dass déi europäesch Strategie fir d'Reduzierung vun den CO₂-Ausstéiss déi richteg ass.

D'LSAP ënnerstëtzt deemno d'Défië vun der Europäescher Unioun an och hir Zilsetzung. An domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Negri. Soss ass kee Riedner méi agedroen. Den Här Nohaltegkeetsminister huet d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, just och fir der Kommissioun an der Rapportrice Merci ze soen. Wa meng Informatiounen richtig sinn, als Äntwert fir den Här Berger, sinn dat 5% zu Lëtzebuerg.

Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Text.

► **M. le Président**.- Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6354 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Lucien Clement), Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Raymond Weydert), Marc Lies (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6356 iwwert de Bau vu verschiddene Gebaier zu Belval. Hei hu sech ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch an d'Madame Lorsché. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

12. 6356 - Projet de loi relatif à la construction du Bâtiment Laboratoires, de la Halle d'essais Ingénieurs et de la deuxième unité de production à froid à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV), *rapportrice*.- Merci, Här President, nach eng Kéier. Kolleginnen a Kollegen, de Projet 6356 gëtt d'Autorisatioun, fir um Site Belval e Labosgebai mat der Maison de la Vie an der Maison des Matériaux, d'Ingénieurs-Test-Hal an déi zweet Kälteproduktionsunitéit ze bauen.

Ech erspueren lech a mir e verbale Réckbléck op d'Geschicht vun der Entwécklung vun der Uni Lëtzebuerg a ganz speziell zu dësem Projet vun de leschte Joren um Site Belval. Mir hunn et alleguerne schonn x-mol héieren a wëssen, wat fir eng Plus-value Belval schonn eleng duerch d'Universitéit fir d'Stad Esch a fir eist Land wäert kréien.

Dëse Projet ass de 24. Oktober vum leschte Joer vum Nohaltegkeetsminister déposéiert ginn. De 14. Februar vun dësem Joer huet de Statsrot säin Avis derzou ofginn. D'Chamberskommissioun huet mech den 1. Dezember vum leschte Joer zum Rapporteur genannt. No deems d'Kommissioun de 14. Mäerz de Projet an den Avis ënnert d'Lupp geholl huet, ass de Rapport den 20. Mäerz ugeholl ginn.

D'Konzept vum Labosgebai steet an der Logik vum Plan directeur vun der Héichuewenterrass. D'Haaptkritären heivu waren, engem kohärenten Urbanismus an de funktionellen Exigence vun där Cité des Sciences laangfristeg gerecht ze ginn: en Urbanismus, deen an de Kontext vun der Entwécklung vun dësem Quartier vun der Stad Esch passt; eng rationell an ekonomesch Notzung vun den Terrainen op dem Gesamtareal vu 15,48 ha; e flexibelt Konzept, dat am Kader vun der Cité des Sciences genuch Weiderentwécklungsméiglechkeete bitt; e qualitativen Urbanismus mam Mënsch a senge Besoinen am Mëttelpunkt.

Dëst neit Gebai integréiert sech beschtens an den Ensemble vun der Cité des Sciences, wou der Recherche an dem Enseignement eng prioritär Roll zoukommen. Och kréien de Commerce, d'Wunnen, d'Restauratioun an d'Servicer hir Plaz op dësem dynamesche Site. De Laboratoire gehéiert zum Pôle vun den Naturwëssenschafte mat der Maison des Sciences de la Vie, de l'Environnement et des Matériaux, der Maison de l'Ingénieur, der Maison du Nombre, den Atelieren an dem Halle d'essais, deen am Norde vun der Héichuewenterrass stoe kënn.

Wat elo spezial d'Bâtiment Laboratoires ugeet, sou ass dëst Gebai op de Prinzip vun enger grousser Flexibilitéit ausgeriicht, fir datt et jee no Besoin ka benotzt ginn. Interdisziplinaritéit vun der Recherche, Synergien tëschent den Equipë vun de Chercheuren an optimal Ausnotzung vun den Equipementer, dat si Stéchwierder. An enger éischter Phas ginn an dësem Gebai d'Aktivitéite vun der Unité de recherche en ingénierie, Geophysik, Science des matériaux a Biologie grad wéi och d'Travaux pratiques vu verschiddenen Unistudiegäng um Niveau vum Bachelor a Master offréiert.

D'Ingenieurswëssenschaften ënnerscheede sech vun deenen aneren Zweiger vun de Sciences de la vie et des matériaux duerch d'Bedeutung vum Enseignement, virun allem um Niveau vum Bachelor, wou d'Offer ganz dense ass, fir kënnen den nationalen an historiesche Begebenheete vum Land Rechnung ze droen. An dësem Domän gëtt et nämlech ee spezifesch legale Kader, virun allem am Beräich vum Bau oder der wirtschaftlecher an ekonomescher Aktivitéit. Duerfir ass d'Basisinformatioun vun der Uni Lëtzebuerg esou ausgeriicht, fir den zukünftigen Ingenieuren deen néidege Bagage mat op de Wee ze ginn.

Den zweeten Objet vun dëser Unité de recherche ass, e Centre de compétences fir eis lokal Wirtschaft ze ginn, gradesou wéi fir eis Administratiounen am Beräich vum Génie civil, der Elektrotechnik an der Mechanik.

En drëtt Zil ass ganz kloer, Lëtzebuerg eng besser Visibilitéit um internationale Plang ze ginn duerch Recherche fondamentale an e puer spezifesch Domänen, ugefaange mat der Participatioun vun ArcelorMittal am Beräich vun der Konstruktioun an dem Design.

D'Aktivitéiten an der Geophysik konzentréiere sech op d'raimlech Geodäsie, d'Geodynamik an d'wëssenschaftlecht Miesswiesen. D'Fuerschungsschweierpunkter hei leien um Klimawandel an den Naturkatastrophe wéi Vulkaner an esou weider, wat jo en enorm wichtege Domän ass.

D'Fuerschungssunitéit Physik a Sciences des matériaux baséiert op folgende Pilieren: d'Physik vun der Matière condensée et des matériaux avancés, der Radiophysik an der Fotovoltaik. D'Zil ass et hei, e Lien tëschent der Fuerschung an dem akademischen Unterrecht ze maachen.

Deem ganze Beräich vun der Recherche vun de Materialië kënnt eng grouss Bedeutung zou. An et sief gesot, datt d'Unité de recherche, déi mir duerno hei zu Lëtzebuerg hunn, méi grouss wäert si wéi déi vun der Uni Kaiserslautern. Selbstverständlech si Synergien tëschent deenen zwee Zentre virgesinn.

D'Aktivitéit vun der Unité de recherche en sciences de la vie dréien haaptsächlech ëm d'Observatioun an d'Kommunikatioun vun Zellen. Dëst kann zum Beispill hëllefe bei der Fuerschung vun onheerbare Krankheeten, déi mer haut nach kennen: Alzheimer, Arterioskleros, Diabetes, Kriibs an aneren.

Zum Architekturprojet ass ze soen, datt d'Labosgebai vun zwee Architekten ausgeschafft ginn ass, déi duerch e Concours ausgewielt gi sinn, dee souwuel um nationale wéi um europäesche Plang ausgeschriwwen war. D'Hauptthema vun dësem Concours war déi urbanistesche Ausriichtung vun deem einfachen, zweckméisseg Gebai, mam Zil, e Gesamtbild vun urbanem Charakter ze schafen unhand vun den architektoneschen Elementen.



D'ganz Labosgebai huet eng Fläch vu 35.000 m² mat sechs Niveauen iwwert dem Buedem an zwee Niveauen am Buedem. D'Niveauen iwwert dem Buedem sinn an zwee Fligel age-deelt, déi awer op all Stack matenee verbonne sinn. Et gëtt ee gemeinsame Sous-sol um minus 1. Deen zweete leeft onofhängeg vum Rescht, well hei d'Kältezentral soll agericht ginn. Wat d'Architektur vum Gebai ugeet, sou hu mir si am Detail an der Chamberskommissioun virgestallt kritt a si ass Partie intégrante vum Projet de loi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vum energetesche Konzept ass et, den Entretien esou einfach wéi méiglech an d'Exploitationssächten esou niddreg wéi méiglech ze halen. Heizou soll dat flexibel Konzept, vun deem ech virdru scho geschwat hunn, bäidroen.

Ech kommen dann elo zur Centrale de production de froid. D'Virgab vun der Regierung fir de Site Belval war kloer. Et soll e Beispiil ginn a puncto niddregem Energieverbrauch an nohaltiger Gestiou vum den Energien. D'Centrale de production de froid ass Deel vum Energiekonzept um Site, gradesou wéi doran och d'TGV-Zentral vu Rammerech eng Roll spille soll. Dat Ganzt ass un e gesamt Wärmenetz ugeschloss.

De Gesamtprojet gesäit vir, datt zwou Kälteproduktionsunitéiten opgeriicht ginn. Iwwert déi éischt hu mer schonn d'lescht Joer hei ofgestëmmt. Dëst ass dann elo déi zweet, déi d'Parzellen nördlech respektiv östlech vun der Universitétsplaz soll versuergen. D'Zentral ka maximal bis zu 24.000 kW produzéieren. An dëser éischter Phas sinn awer emol just 7.500 kW néideg. Wéi scho gesot, gëtt dës Anlag an de Sous-sol vum Labosgebai installéiert.

Wichtig ass, datt nach Reservefläche virgesi sinn, sou datt d'Anlag no an no an de Besoinen no kann ausgebaut ginn. D'Killtiem vum der Anlag, déi stinn um Daach vum Gebai.

Kolleginnen a Kollegen, elo nach zum Halle d'essais Ingénieurs. An dësen Hale sollen Tester ausgeféiert ginn an de Beräicher Génie civil, Bautephysik, Mechanik an Elektronik, dëst souwuel am Kader vun der Recherche wéi och vum Enseignement. Dës Hal ass och flexibel gestallt an opgedeelt an Hal an Ateliers, an deenen Tester kënnen virbereet an ausgeféiert ginn.

D'Hal huet eng Gréisst vun 39 op 30 m an eng Héicht vun 12 m, déi an dräi Stäck opgedeelt ass. D'Hal steet direkt beim Labosgebai, fir genau ze sinn, un der Südsäit dovun. D'Energiekonzept ass op eng optimal Notzung vum technesche Besoin ausgerichtet an op eng maximal Notzung vun den natierlechen Energiequellen, wat mer enorm wichtig fannen.

De Budget, dee virgesinn ass, beleeft sech op 136.250.000 Euro.

Wat den Avis vum Statsrot ugeet, sou huet déi héich Kierperschaft erëm sech derzou geäussert a bedauert, datt hei méi Gebaier an engem Projet de loi zum Vote gestallt ginn, an de Minister huet eis an der Chamberskommissioun versprochen, datt en déi nächste Kéier fir all Gebai en eenzelt Gesetz géif maachen.

Fir aner weider Detailer, Dir Dammen an Dir Hären, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Dëse Projet ass déi logesch Suite vun deem, wat um Site Belval virgesinn ass, an dowéinst bieten ech lech alleguerten, dëse Projet ze stëmmen, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Rapportrice. Als éischte Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech ginn net méi op déi technesch Detailer an. D'Rapportrice huet dat en détail...

► **Une voix.** - Huelt lech Zäit!

(Brouhaha)

► **M. Eugène Berger (DP).** - D'Madame Rapportrice huet dat awer ganz en détail gemaach, ech wëlt hir och dofir hei Merci soen.

(Hilarité et interruption)

Vläicht just ee Wuert, och datt dee ganze Konzept, wat d'Energie ubelaangt, positiv ass, datt et also an Zukunft do - hoffen ech - weiderhi bei den nächste Bauten, déi de Stat initiéiert, och an déi Richtung wäert goen.

Mir wëllen och soen, datt meng Fraktioun natierlech all positiven Développement fir d'Uni

respektiv d'Uni um Site Belval ënnerstëtzt. An dat hei ass e weidere Bausteen, e weidert Element, fir datt dann dee Site sech développéiert an datt dat wierklech net nëmmen e Virdeel fir de Standuert Belval, mä insgesamt fir de Standuert Lëtzebuerg an deem Beräich ass.

Dat Eenzezt, ee Bémol vläicht: Eis geet et net ëmmer schnell genuch. Mir wëelten eigentlech, datt déi ganz Infrastruktur méi schnell géifen do op de Bee stoen. Vläicht kann eis de Minister och herno déi eng oder déi aner Prezisioun ginn, wat den Timing vun der Realisatioun vun där Infrastruktur ubelaangt.

Dat gesot, ginn ech awer den Accord vu menger Fraktioun gären zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut dësem Projet - wahrscheinlech - zou, deen e weidere Schratt duerstellt fir d'Entwécklung vun der Uni Lëtzebuerg am Quartier Belval, eng Entwécklung, déi mir besonnesch um Häerz läit, well se der Stad Esch de Sprong zur Universitätsstad erméiglecht.

Déi dräi Deeler, déi dëse Projet beinhalt, sinn eng Beräicherung am Domän vun der Recherche, der Innovation an de Sciences naturelles. D'Laboratoiresgebai ass e weidert Stéck am grousser Puzzle vun der Cité des Sciences.

Am Moment - an dat ass hei nach net gesot ginn - schaffe schonn iwwer 500 Chercheuren um Site. LCSB, Tudor, CEPs, CRP-Lippmann an esou weider kann ee geschwé soen. Deen Trend weist weider no uewen an deen Trend gëllt et ganz kloer ze ënnerstëtzen.

Zesumme mat der Halle d'essais kréie mer mat dësem Projet e Komplex, dee virun allem der zukünftiger Faculté des Sciences, de la Technologie et de la Communication zeguttkënn, déi eng ganz aktiv Fakultéit ass, déi elo schonn eng grouss Offer u Studien a Rechercheaktivitéiten ubitt. D'Fakultéit a besonnesch den Doyen, de Professor Heuschling, freeë sech immens op dës Gebailechkeeten, déi den zentralen Nervensystem vun dëser Fakultéit duerstellen an duerfir absolut indispensable sinn.

An deem Zesammenhang ass et och wichtig, dass den Écart tëscht der Finalisatioun vun der Maison du Savori an dëse Gebaier net ze grouss gëtt, fir eng méiglechst gutt Zesummenaarbecht an der Zukunft ze erméiglechen.

Nieft dem Laboratoire an der Halle d'essais kënnt eng zweet Unité de production de froid an d'Cité des Sciences, a mir begrëssen an dësem Zesammenhang ganz besonnesch d'Efforten, déi hei vun alle Säite gemaach gi sinn, fir dem Site ronderëm d'Cité des Sciences en nohaltig Energiekonzept ze ginn.

Wéi Der wësst, schwätze mer scho méi laang doriwwer, dass mir eis Économie méi diversifizéiere sollen a mussen an dass mir nei Impulser brauchen, fir d'Recherche ze fördern, a genau dat geschitt ënner anerem mat Hëllef vun dësem Projet. Mam Hannergrond vun de Problemer am Secteur ass et wichtig, dass mer déi ganz Region dynamiséieren an eis d'Moyenë ginn, fir e wichtigen a renommierte Kompetenzzentrum ze schafen, deen d'Roll vun der Uni Lëtzebuerg verstärkt. Hei läit en enorme Potenzial, fir en zentrale Pôle de recherche et de développement mat engem europäesche Rayonnement ze développéieren an nei Betriber unzesiedelen.

An deem neie Labosgesetz (veuillez lire: Labosgebai) sinn och ronn 660 m² fir de Commerce virgesinn. Dëst, well Belval keng universitär Insel gëtt, mä en dynamesche Quartier mat enger gudder sozialer Mixitéit an enger adaptéierter an diversifizierter Offer fir Fräizäit, Commerce a Kultur. Dat passt an dat urbanistescht Konzept vun der Stad Esch a vun der zweeter Standuertgemeng Suessem.

D'Realiséierung vun dësem Projet bedeit weider eng grouss Dynamik fir déi ganz Südregioun an e risegen Défi fir eis Beschäftigungspolitik, fir nei Kooperatiounen, fir interregional a fir international Synergien an notament fir d'Recherche. Et stellt e Kärstéck duer bei der Gesamtentwécklung vum Zukunftsstanduert Belval, deen eng enorm Chance fir d'ganz Land duerstellt.

Ech hunn duerfir de Pléséier, fir d'Éischt, oder ofschléissend besser gesot, der Rapportrice eist Kompliment ausgedréckt fir hiren ausféierleche Rapport an hire gudder Résumé op der Chambertribün, a fir d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze iwwerbréngen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Mutsch. Als lescht agedroen Riednerin hunn ech d'Madame Josée Lorsché. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänke wëll ech der Madame Frank Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wann et ëm de Projet Belval geet, ass d'Begeeschterung heibannen esou grouss, datt et kaum zu kontroversen...

(Interruption)

► **M. le Président.** - Entschëllegt.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ...Diskussioune kënnt, ausser vläicht an deem Punkt, deen am Juni vum leschte Joer op dëser Plaz fir Stëmmung gesuergt huet, nämlech deen, wéi eng Fraktioun dann eigentlech dee gréisste Mérite un dësem Dossier huet a wien et 2002 gewot huet, bei dësem virbildhafte Projet vun engem Faass ouni Buedem ze schwätzen.

Haut gëtt net contestéiert, datt d'Entwécklung op Esch/Belval mat dësem Projet de loi a mam héijen Investissement vun iwwer 136 Milliounen Euro e gutt Stéck weiderkënn. An och als Gréng si mir der Meinung, datt déi dräi Bauprojeten, déi haut zesummen iwwert d'Bühn ginn, sech an d'Logik vum Gesamtkonzept areien an duerfir an allen Hisiichten ze begrësse sinn.

Ze begrësse si se net nëmmen aus landesplanerescher an aus ekologescher Siicht - besonnesch mam Bau am Beräich vun der Energie -, se schafen och eng sozial an ekonomesch Plusvalue, andeems se zu der onëmänglecher Ëmstrukturéierung an zu der wirtschaftlecher Diversifikatioun vun der Südregioun bäidroen an Aarbechtsplazen op allen Niveaue vun der Qualifikatioun schafen.

Natierlech gehéiert dozou och den Opbau an den Ausbau vun enger stabiler Wëssengesellschaft am Zesammenhang mat der Uni Lëtzebuerg. D'Objektiv muss jo dora bestoen, d'Bildungs- an d'Qualifikationschancë vun eiser Jugend ze vervillfälegen, hir Perspektiven um Aarbechtsmaart ze erhéijen, nei Kompetenzberäicher ze entwéckelen an domat d'Autonomie vun eisem Land par rapport zum Ausland ze stäerken.

Virun allem de Bâtiment Laboratoires, als Bestandteil vun der Cité des Sciences, ass an eisem Ae vu grousser Bedeitung, well wa mir et fäerdegbréngen, op dëser Plaz e Kompetenzzentrum vun der Ingénierie ze schafen, dann ass dat net nëmmen e grousser Gewinn fir déi lokal a regional Betriber um Niveau vum Bauwiesen a vun der Industrie, de Bâtiment Laboratoires wäert och den öffentleche Verwaltungen zeguttkommen, andeems se op spezialiséiert Services, op Berodungen an op Expertisen am Beräich vum Génie civil, vun der Elektrotechnik a vun der Mechanik wäerten zrëckgräife kënnen.

Ouni nach weider wëllen op déi technesch Detailer a Finess vum dësen dräi Projeten anzegoen, wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun betounen, datt mir an allen Hisiichten domat d'accord sinn. Mir begrëssen, datt eng weider Etapp op Esch/Belval an Ugrëff geholl gëtt, quitte datt mir eis nach net op der Zilgerad befannen.

Erlaabt mer zum Schluss awer nach eng Remarque zu der Entwécklung vun der Uni, virun allem am Kontext vun der Medezin a vun der medezinescher Fuerschung. Als Gréng si mir der Meinung, datt nieft der Materialfuerschung an der Fuerschung, déi kierzlech um Niveau vun den neurodegenerative Krankheeten ugelaft ass, wéi Parkinson an Alzheimer, datt dernieft och e wäitgefächerte Medezin- an Ëmweltmedezinstudium an d'Uni sollt integréiert ginn, an zwar aus folgende Grënn:

Wëssend, datt déi rezent Etüd vun der Association vun de Medezinstudente kloer drop hiweist, datt mir mëttel- bis langfristeg mat engem Mangel u Medeziner wäerte konfrontéiert ginn, sollt eis Regierung elo scho Konsequenzen aus där Etüd zéien an de Medezinstudium hei am Land ausbauen a promovéieren. Domat géif d'Uni Lëtzebuerg net nëmmen un Attraktivitéit gewannen, virun allem géifen eng Rei vu Spezialisatiounen an der Medezin et och erlaben, méi Dokterinnen am Land ze halen, Synergien tëscht der Uni, de Fuerschungszentren an de Spideeler ze schafen.

Dat just als Ergänzung zu dësem Projet, dee mir, wéi gesot, a senger Totalitéit ënnerstëtzen, an der Hoffnung natierlech, datt d'Uni Lëtzebuerg hir Diere gläich wäert opmaachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. D'Wuert kritt elo den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, wien dëser Deeg iwwer Belval geet, dee gesäit, datt amgang ass do wierklech eppes ze entstoen, wat virun enger Dose Joren een an deene kängsten Dreem net gewot hätt ze dree-men. Dee Site ass amgang sech wierklech ze fëllen an zu deem ze ginn, wat sech virun där Zäit geduecht ginn ass.

Ech hu virdrun eng ganz engagéiert Ried héiere vum zoustännege Minister, wat d'Entwécklung vun der Nordstad ubelaangt. An ech wëll en op dëser Plaz encouragéieren, zesumme mat villen aneren, op deem dote Wee virunzufueren. Well d'Dezentralisatioun zu Lëtzebuerg, d'Urbanung an d'Implantatioun vun Aktivitéiten, souwuel am Süde wéi am Norde vum Land, sinn extrem wichtig, wa mer wëllen eist Land weiderentwéckelen.

Och wann een an der Chamber vun Zäit zu Zäit dann taquinéiert gëtt op Detailfroen, sollt ee sech net vun deene grouss Saachen ofbrénge loossen. Heiansdo kënnt den Erfolleg an der Politik 15 Joer nodeems een eppes gemaach huet. Also, Här Minister, fuert an deem dote Sënn souwuel am Norde vum Land wéi am Süde vum Land weider, déi Entwécklung ze maachen, déi noutwendeg ass, fir dass mer e kompetitiv Land behalen!

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wolter. D'Wuert kritt elo den zoustännege Nohaltgekeetsminister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Just ganz kuerz, fir och nach eng Kéier der Kommissioun an der Rapportrice Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass. Ech wëll och dem Här Wolter Merci soe fir déi Encouragement. Ech géif natierlech, Här Wolter, och hei gradesou eng engagéiert Ried iwwer Belval hale wéi iwwert d'Nordstad; just hei ass all Fraktioun domadder d'accord, esou datt dat net noutwendeg ass.

(Hilarité)

Mä d'Engagement, wëll ech lech awer soen, ass gradesou grouss op där enger Plaz wéi op där anerer.

Den Här Berger hat nach eng Fro gestallt, wéini et lassgeet a wat d'Délaie sinn. Mir brauchen hei ronn 1,5 Joer Virbereedungszeit mat Ausschreibungen, Prozeduren, dräi Joer Bauzeit, esou datt mer dovunner ausginn, datt mer 2017 mat dëse Gebailechkeete kënnen fäerdeg sinn.

Merci fir d'Ënnerstëtzung.

► **M. le Président.** - Merci dem zoustännege Minister. Domadder ass d'Diskussioung ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6356 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6356 ass ugehall mat 58 Joestëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6357 iwwert d'Transformatioun an den Ausbau vum



Lycée Hubert-Clément zu Esch. Hei ass d'Rie-dezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

13. 6357 - Projet de loi relatif à la transformation et à l'extension du Lycée Hubert-Clément à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, haut solle mir iwwer e Projet vun engem Lycée ofstëmmen, deen duerch d'Gesetz vum 17. Juni 1911 gegrënnt ginn ass. Ech denken, datt dës Zäit-span vu méi wéi 100 Joer e laangen Dag beweist, an datt et do och derwäert ass, fir eng Kéier e Réckbléck ze maachen iwwert dee Lycée, deen elo an eng Transformatioun an an eng Extensioun erageet.

Wéi d'Chamber viru knapp 101 Joer dës Lycée an d'Liewe geruff huet, war dat als Lycée de jeunes filles zu Esch. D'Gesetz huet d'Organisatioun vun engem Enseignement moyen virgesinn. Eigentlech huet dat Gesetz awer just enger bestehender Situatioun eng legal Basis ginn, well op eng Décisioun vum Gemengerot hate se den 30. Juli 1910 d'Décisioun geholl, vum Escher Gemengerot hate se...

(Interruption)

...wann et zu Esch ass, Här Braz, da muss et wuel zu Esch sinn; huet schonn e Lycée fir jonk Meedercher an der Stad bestanen. Et ass duerfir och wichteg, fir zu Esch esou een ze schafen.

(M. Michel Wolter prend la présidence.)

Am Ufank hat d'Schoul keen eegent Gebai; verschidde Klasse waren am ale Gemengenhaus, anerer bei de Schwëstere. 1926 hat den Deputéierte René Blum eng Proposition de loi iwwert den neie Lycée déposéiert an 1931 gouf e Concours fir en Avant-projet an d'Wee geleet. Eréischt am Joer 1938 huet den deemolegen Escher Buergermeeschter an Deputéierten Hubert Clément Terrainen an der Peripherie - deemools Peripherie - vun Esch kaaft, fir en neie Lycée drop ze bauen.

D'Aarbechten hunn awer eréischt Ufank de 50er Joren ugefaangen. De 25. Abrëll 1955 konnt dat neit Gebai an der rue Général Patton ageweit ginn. D'Gesamtfläch deemools waren 2.300 m². Deemools sinn 312 Schülerinnen, verdeelt op 14 Klassen, do an de Lycée gaangen. 1961 waren et der scho 446 a 16 Klassen. An et war séier kloer, datt d'Gebai ze kleng wier.

Schonn am Schouljoer '63/'64 waren all d'Klass-säil genotzt a vun 1965 u si verschidde Säil fir fachspezifischen Unterrecht mat benotzt ginn, fir d'Klassen ënnerzebréngen. Well ëmmer méi Schüler sech gemellt hunn an där Schoul, sinn d'Klassen ëmmer méi grouss ginn. Et waren eng Zäit alt bis zu 50 - dat ass vläicht e Chiffer, deen ee sech haut an enger Schoul net méi ka virstellen -, datt bis zu 50 Schüler an enger Klass waren!

Am September 1965 si véier Klassen a proviso-resche Pavillonnen, déi am Haff opgericht gi sinn, ënnerbruecht ginn. Dat konnt awer selbst-verständlech keng dauerhaft Léisung sinn. An 1966 gouf en Tosch mat der ARBED gemaach, fir datt de Lycée sollt méi Terrain kréien, fir d'Méiglechkeet ze hunn, fir och eng Extensioun ze kréien, wat dann och duerch d'Gesetz vum 27. Juni 1968 autoriséiert ginn ass. No an no sinn déi verschidde Phase vum Ausbau fäerdeg ginn, awer et huet vill misse gefréckelt ginn, fir d'Schüler an d'Personal ënnerdaach ze kréien. Am Kader vu Vergrësserungen ass et och duerno dozou komm, datt eng Piscine gebaut ginn ass, eng Kantine an en Turnsall.

Eng grouss Verännerung gouf et am Schouljoer '70/'71. Ab deem Dag war et net méi de Meedercherslycée, well ab deem Dag konnten och déi éischt Jongen an dee Lycée goen. 30 hate sech fir dat Schouljoer ageschriwwen. Am Laf vun de Joren hu sech ëmmer méi Bouwen in die Hölle der...

► **Une voix**.- Höhle! Die Höhle!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- ... Höhle der Löwinnen getraut, an 1985/86 ware 45% vun de Schüler Jongen.

De Fakt, datt ab 1970 och Jongen an dee Lycée gaange sinn, hat natierlech mat sech bruecht, datt iwwert den Numm Meedercherslycée huet misse nogeduecht ginn. An am Juli 1971 huet d'Proffekonferenz sech fir den Numm Lycée Hubert-Clément ausgeschwat, wat dann duerch de Règlement grand-ducal vum 12. November 1971 den offiziellen Numm vun Lycée ginn ass.

Wann 1971 nach genuch Plaz fir all Schüler gi war, esou huet sech de Problem am Laf vun de Jore manifestéiert, och well nei Sécherheetsnormen et net méi erlaabt hunn, d'Klassen ënnert dem Daach an am Sous-sol ze logéieren. 1998 war e Projet presentéiert ginn, wéi een dee Lycée kéint esou aménagéieren, datt der Unzuel vun de Schüler an den Ufuerderunge vun där Zäit kéint Rechnung gedroe ginn.

Well mat deenen neie Reglementatiounen et awer ganz schwéier war, de Lycée weider ze vergrësseren, huet de Regierungsrat am Juli 1999 décidéiert, de Lycée Hubert-Clément op en neie Site ze verplanzen, fir deem groussen Ustuerm vu Schüler gerecht ze ginn. 2007 huet d'Regierung deen initiale Projet vun 1998 awer erëm opgegraff a sech fir eng Renovatioun an en Ausbau vun de Gebaier an der rue Général Patton ausgeschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng kleng Klammer: Am Avis vum Statsrot gëtt drop higewisen, an déi héich Kierperschaft huet sech d'Fro gestallt, firwat - wéi et am Plan directeur sectoriel «Lycées» virgesinn ass - deen neie Lycée net op d'Lentille Terres Rouges komm ass. De Statsrot huet et bosseg fonnt, datt mer erëm op deen ale Site zrëckgaange sinn.

Natierlech ass d'Fro erlaabt, firwat de Lycée Hubert-Clément keen neit Gebai um Terres Rouges kritt huet. De Statsrot mengt, et kéint vläicht sinn, datt mam Lycée Belval an dem Hubert-Clément déi zwou Schoulen ze no beienee gestanen hätten. Vlächicht kann et awer och sinn, datt de verschmotztene Buedem um Terrain vun Terres Rouges - och emol eng Schmelz, déi vill produzéiert huet a wou Lëtzebuerger Stogeschicht geschriwwen ginn ass -, datt do hätt misse ze vill Geld ausgi ginn, fir den Terrain ze entsuerge. Och déi Fro sief an dësem Kader erlaabt.

Ech maachen déi Klammer erëm zou, mä et ass awer wichteg, ze ënnersträichen, datt de Statsrot sech och déi Fro gestallt huet.

De Lycée Hubert-Clément zu Esch läit tëschent de Stroossen Théodore Kapp, Général Patton a rue Jean-Pierre Michels a bitt just den Enseignement classique un. Wéi gesot, et gëtt scho säit e puer Joer Problemer, fir de Schüler an de Profen déi néideg Infrastrukturen ze bidden. Wat maache mir elo, fir datt an Zukunft hei erëm Unterrecht an adequate Raimlechkeete ka gehale ginn?

Vill Leit heibannen, souwuel op der Zuhörer-bänk wéi och heinidden am Säll; ech zitëiere léiwer keen an nenne léiwer keen, deen do d'Première gemaach huet, well et sinn der vill; och si sinn alleguerte mam Numm an der Entrée vum Lycée veréiwegt, bei engem ass den Numm richteg, bei aneren ass en net gradesou richtig, mä och dat kann een elo vlächicht änneren. Duerfir wëll ech och drun erënneren un déi Geschicht, déi vill Leit heibannen do materlieft hunn an déi kënne bestëmmt verschidde Spichtercher, méi positiver a méi negativer, erzielen.

Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, d'Capacité d'accueil läit no den Aarbechten tëschent 780 an 975 Schüler, mat engem Total vun 39 Klassen. Nieft den üblechen Aménagementen am Ausseberäich, gesäit de Programme de construction vir, datt déi néideg Strukture fir den Enseignement, fir d'Administratioun, fir den Accueil an och de Sport geschafe ginn.

Duerch déi verschidde Lycées-Projeten, déi mir an de leschte Joren hei gestëmmt hunn, wësst Dir, wat hei d'Besoinë sinn, an ech muss net weider drop agoen. Falls awer een den Detail wëllt noliesen, esou kann en alles am Exposé des motifs vum Projet erëmfannen.

Ee Punkt, vun deem een haut erëm muss schwätzen, ass awer de Problem vun de Park-plazen, well och dat ass e grëssere Problem op där Plaz. Hei gëtt am Sous-sol en zum Deel bedeckte Parking gebaut an am Ausseberäich sinn nach eng Kéier 60 Plaze virgesinn.

Wien de Lycée Hubert-Clément virun Aen huet, weess, datt déi Schoul aus verschidde Gebaier besteet. Déi ginn och all bäibehalen, bis op d'Sportshal, déi net méi den heitegen Ufuerderunge gerecht gëtt. Vu datt d'Kantine an d'Piscine eréischt méi rezent renovéiert goufen, muss dorun näischt geschafft ginn.

Am gréisste sinn d'Aarbechten, déi u Gebaier aus de 50er Jore gemaach ginn. Déi mussen komplett sanéiert ginn, mat allen droende Strukturen an der integraler Technik. Am Gebai, dat an de 70er Jore gebaut gouf, mussen just Reparaturen gemaach ginn an d'elektresch Installatiounen ersat ginn.

Dernieft sinn awer och e puer nei Konstruktiounen virgesinn. Sou gëtt tëschent de Gebaier en neie Flillek gebaut, deen och direkt déi nei Haaptentrée vum Lycée gëtt. Ausserdeem déngt dësen Neibau och als horizontal Verbindung tëschent de Gebaier aus de 50er an de 70er Joren. Do, wou bis elo de Gymnase

stoung, kommen zwee nei Flillecken. An engem dovunner ass déi nei Sportshal mat verschidde-nen Annexen, an de Parking am Sous-sol.

Wat de Choix vun de Materialien ugeet, esou ass drop opgepasst ginn, datt se zolidd, nohaltig a liicht ze ënnerhale sinn. Wat d'Energiekonzept ugeet, esou gëtt déi bestehend Kogeneratiouns-anlag erhalen. Dernieft ginn nach ganz performant thermesch Isolatiounen agesat. Och op erneierbar Energie gëtt zrëckgegraff doduerch, datt Fotovoltaikspanneauen installéiert ginn.

D'Aarbechte sinn also voll a ganz op der Linn vun der Regierung, fir déi öffentlech Gebaier esou ze sanéieren oder ze bauen, datt se enger nohalterger Entwécklung gerecht ginn. Esou ginn zum Beispill all d'Fënsteren duerch neier ersat mat Dräifachverglasung. Et gëtt méiglechst vill op natierlech Luucht zrëckgegraff, fir d'Energiekäschte méiglechst effikass erofzedrücken.

Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, esou Aarbechten an engem Lycée sinn natierlech net ohne, well jo och awer gläichzäiteg nach de Schoulbetrib muss garantéiert ginn. Am Projet, esou wéi en déposéiert ginn ass, war virgesinn, 400 bis 450 Schüler op de Site vum Lycée Belval oder an d'Annex Victor Hugo vum Escher Lycée technique ze delokaliséieren, soulaang déi Aarbechten daueren.

Momentan ass d'Situatioun awer esou, datt d'Annex Victor Hugo duergeet, fir déi concer-néiert Schüler a Profen ënnerzebréien. Dëst erlichtert deene Responsabele viles, well fir e Lycée op dräi Sitë plus e Chantier ze koordinéieren, wier nawell e schwéiert Unterfangen! Esou bleift et elo bei zwee Siten an engem Chantier.

Wat de Budget ugeet, esou si 46.500.000 Euro virgesinn. An de järelechen Ënnerhalt soll sech laut Previsiounen op 500.000 Euro belafen.

Kolleeгинnen a Kolleegeen, dat waren... och d'Haaptremarquen hat ech jo mat agebaut vum Statsrot, an ech bidden lech am Intérêt vun de Schüler, vun alle Responsabelen an och vun de Profen an am Intérêt vun alle Leit, déi zu Esch an de Lycée Hubert-Clément ginn, dës bluttnoutwendeg Aarbechten ze maachen an dësem Projet d'Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech géif lech och Merci soen, Här Spautz, fir Äre Rapport. An ech géif dann d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner ginn, den honorabelen Deputéierte Berger.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëlt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. En huet och scho gesot, datt dat Gebai eng Rei Joren um Bockel huet, datt et also absolut noutwendeg war, fir dat Gebai e bësschen op deen neiste Stand ze bréngen, mä awer och, datt zousätzleche Raum gebraucht ginn ass, datt dat dann also och elo, no praktesch 100 Joer, gemaach gëtt.

Dat hei ass en Investissement an d'Jugend, en Investissement an d'Bildung, an d'Ausbildung, duerfir begreisse mir dat a mir wäerten also dee Projet natierlech och stëmmen.

Dat Eenzegt, wat ee kann ze bedenke ginn, dat ass, datt während den Aarbechten net, wéi alt bei anere Projeten do, sur place a Containeren konnt geschafft oder verfuert ginn, fir do d'Schüler op deemselwechte Site ze halen. Dat heescht, leider wäerten do awer eng Rei Schüler mussen während een, zwee Joer - hoffentlech esou kuerz wéi méiglech - op aner Siten transféréiert ginn, wat sécherlech net perfekt ass. Mir hoffen, datt - vlächicht bei anere Projeten, wou dat och géif ustoen - een do vlächicht besser Solutiounen wäert fannen. Mir hoffen also, datt déi Aarbechten esou kuerz wéi méiglech wäerten daueren.

Ech wëlt awer och soen, datt mer, wa mer dee Projet hei begreissen, och drun erënneren, datt et och nach aner Plazen am Land gëtt, wou Investissementen an d'Schoulen noutwendeg sinn, ënner anere zu Déifferdeng oder zu Mondorf, wëll ech drun erënneren, datt do och nei Infrastrukture gebraucht ginn. An dann hoffe mer och, datt also relativ schnell, an deenen nächste Wochen, Méint - wat weess ech -, esou schnell wéi méiglech dann och hei d'Regierung eis ka Projete presentéiere fir déi Siten.

Dat gesot, also den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen lech Merci, Här Berger. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madame Mutsch.

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Lycée Hubert-Clément oder den Escher Meedercherslycée, wéi en och haut am Minette nach ganz oft genannt gëtt, huet d'lescht Joer 2011 seng honnert Joer gefeiert. Et ass ee vun deene Lycéeën, wou déi éischt Frae viru ronn 95 Joer hire Premièresexame gemaach hunn. Dat ass haut eppes ganz Normales, mä dat war et awer während ganz laanger Zäit iwwerhaupt guer net.

Leider gesäit d'Gebai, esou schéin et och ass, haut nach bal genee esou aus wéi deemools. 1999, virun 13 Joer, war d'Iddi bei der Regierung geräift, fir de Lycée Hubert-Clément ganz nei ze bauen, an zwar um Site Terres Rouges, och an direkter Noperschaft zum Zentrum vun Esch. Leider ass no laangem Hin an Hier 2007 décidéiert ginn - virun allem aus Käschtengrënn, awer net nëmmen -, de Lycée um aktuelle Site ze renovéieren a komplett ëmzebauen. De Rapporteur ass schonn op deen Historique agaangen, an ech ka mech senge kritesche Reflexiounen nëmmen uschlëssen a wäert se och hei net widerhuelen.

Déi laang Waardezäit huet awer net nëmmen den Image an d'Entwécklung vun der Schoul selwer beanträchtegt, mä och d'Entwécklung vun der Standuertgemeng a vun der Region, well déi verschidde Variante ganz ënnerschiddlech Impakter op d'Stadentwécklung kënnen hunn. Wéi 2007 d'Décisioun gefall ass, fir um aktuelle Standuert ze bleiwen, konnt endlech erëm konstruktiv weidergeplangt ginn.

D'Envergure vun den Aarbechte war ganz grouss. Et war an ass jiddwerengem kloer, dass de Lycée Hubert-Clément dës Aarbechten drénglechst brauch, fir d'Gebai erëm fit ze maache fir déi nächst Jorzéngten a fir déi nächst Generatiounen. Et soll een op dëser Plaz op en Neits begreissen, dass de Stat d'Wichtigkeet kloer erkannt huet, fir op en Neits am Süden an notamment zu Esch ze investéieren.

Derbäi kënnt, dass en neit an attraktiv renovéiert Gebai en direkte positiven Impakt op d'Zefriddenheet vu Schülerinnen, Schüler a Léierpersonal wäert hunn. Mä och den Impakt op d'Ëmfeld am Quartier an den Image vun der Standuertgemeng ass heibäi net ze ënnerschätzen.

Wéi d'Gronddémarche fir den Ëmbau gekläert war, dunn huet natierlech misse gekuckt ginn, wéi den Interim während dem Schantje kéint geléist ginn. Och hei war net alles direkt kloer an et huet e bësse gedauert, bis eng Léisung fonnt ginn ass, déi den Accord vun allen Acteuren erlaabt huet. D'Gebai op der Victor-Hugo-Plaz steet elo an der Iwwergangszäit zur Verfügung, manner wéi 900 m ewech, wat den Hin an Hier fir all Betreffen a Grenzen hält.

E geplangten neie Modularbau kann dee Moment genotzt ginn, fir de Projet „Cap Futur“ Ganzdagsschoul vum Lycée technique ze droen. Op eis Nofro hi krute mir gesot, dass d'Administration des Bâtiments publics ganz zouversichtlech ass, fir dee Volet den Hierscht kënnen am Grëff ze hunn. An dat ass och ganz wichteg fir den Démarrage vum Projet.

Domat steet fir de Lycée Hubert-Clément zesumme mam deelweis benotzbare besteende Gebai genuch Plaz zur Verfügung, fir eng kloer Struktur ze schafen, déi bei de Schüler an dem Léierpersonal gutt ukëent an hinnen entgéintkënt bei hiner Aarbecht.

Ofschléissend bleift ze ënnersträichen, dass mir eis all, a bestëmmt och den Direkter a fréiere Kolleg Frunnes Maroldt, deen haut bei eis ass, op dat neit Gesiicht vum Lycée Hubert-Clément freeën, d'Regierung encouragéieren, fir de Projet an dëser Form zügeg unzegoen. An dat erlaabt mir, dem Rapporteur e grouse Merci ze soen an den Accord vu menger Fraktioun mat op de Wee ze ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Madame Mutsch. An dann ass et un der Madame Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech och dem Här Spautz Merci soe fir säin interessante Rapport. Als fréier Schülerin vum Lycée Hubert-Clément,...

► **M. le Président**.- Aha! Dir och!

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- ... där hiren Numm och haut un der Mauer vun Préau hängk, sinn ech natierlech frou feststellen, datt de Projet vum fréiere Meedercherslycée vun Esch endlech um Zil ukëent.